LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 15 juillet 2020

REÇU
Par Alff Christian , 12:31, 15/07/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire urgente n° 2540 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire urgente posée par l'honorable Député Sven Clement.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Educatiounsminister Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2540 vum Här Deputéierte Sven CLEMENT

D'Agewinnungsphase sinn zënter der Reprise vun de Crèchen, de 25. Mee 2020, rëm méiglech a fir all nei Aschreiwung och obligatoresch. Dëst ass de Gestionnairen am Communiqué vum 13. Mee 2020 matgedeelt ginn. D'Situatioun an déi sanitär Consignen erfuerderen eng gewëss Upassung vun dëser Phas. Hei ass et um Gestionnaire, mat den Elteren ze kucken, wei d'Agewinnung am beschten organiséiert an un déi individuell Besoine ka ugepasst ginn.

Fir den Gestionnairen ze erméiglechen, dës Agewinnung trotz der reduzéierter Kapazitéit esou fréi ewéi méiglech ze maachen, huet den Educatiounsministère am Communiqué vum 1. Juli 2020 matgedeelt, datt d'Kanner, déi d'Agewinnung maachen, fir déi maximal Gruppegréisst vun 5 Kanner net matzielen. Dëst fir de Crèchen ze erméiglechen, d'Agewinnunge virum 15. Juli 2020 ze organiséieren am Hibléck op d'Reprise an och op d'Auslafe vum Congé pour raisons familiales ënnert der aktueller Form.